PIRATEN
SENSIBILITÉ POLITIQUE
22, RUE DE L'EAU
L-1449 LUXEMBOURG

Fernand ETGEN
President vun der
Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 14/09/2020

Här President,

Sou wéi den Artikel 83 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Kommunikatioun & Medien & Konsumenteschutz weiderzeleeden.

Am Gesetz vum 26ten Dezember 2012 ass festgeluecht, dass d'Léit kënne fräi decidéieren ob si Reklamme wëllen an hier Bréifkëscht kréien oder net. Dëst Verbuet gëtt awer ëmmer erëm ignoréiert a vill Léit déi u sech een "keng Reklamme w.e.g."-Schëld hunn, fanne weiderhin all Dag Reklammen an hirer Boîte a wëssen net, wéi se sech dogéint wiere kënnen. Obwuel dëst d'Gesetz virgesäit, dass d'Leit keng Reklamme mussen unhuelen ass keng Strof virgesinn.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wat fir Méiglechkeeten hunn d'privat Persoune, fir sech géint dës "wëll" Reklammen ze wieren?

2. Firwat gëtt et keng legal Mëttel, fir géint dës Reklamme virzegoen? Schafft de Ministère am Moment un esou enger Méiglechkeet?

3. Wéi gedenken Ministère derfir ze suergen, datt de Verbuet vu Reklammen tatsächlech agehaale gët?

4. Um Site vum Institut Luxembourgeois de Régulaton: "Aucun moyen d'action n'est légalement prévu. La mission générale de l'ILR vise à assurer la protection des usagers en matière de services postaux. Le contrôle exercé par l'ILR est limité aux prestataires de services postaux et donc par définition aux entreprises exploitant un service postal, qui consiste en la levée, le tri, l'acheminement et la distribution des envois postaux." Zéien d'Ministeren a Betruecht d'Kompetenz vum der ILR oder enger anerer Administratioun op dëse Fall ze erweideren? Falls net firwat net?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Député